Lëscht 2

September/Oktober 2011

CSV

HESPER

Alzeng, Fenteng, Hesper, Houwald, Izeg

# Op de Punkt

Kontakt- an Informatiounsblat vun der CSV Hesper
Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Hesper

## E kloere Bléck fir d'Gemeng Hesper



**v.l.n.r.: Roby Leven, Guy Wester, Annick Knepper-Rion, Pol Pierret, Jean Theis, Jean Elcheroth, Triny Spirinelli-Thill, Marc Lies, Théo Zeimes, Diane Adehm, Luc Eicher, Georges Beck, Patrick Weiler, Sylvie Grotz ép. Zuccoli, Romain Juncker**



**Marc Lies**
Buergermeeschter

**Léif Matbiergerin!**
**Léiwe Matbierger!**

Den 9. Oktober 2011 gëtt en neie Gemengerot gewielt.

D'CSV Hesper steet zanter Joren fir Engagement, Wäitsiicht a Kontinuitéit. Eis Aarbecht ass ëmmer mat Bléck no vir geriicht.

An deene leschte Joren goufen vill Aarbechten an Ugréff geholl. Mat dem Ausbau respektiv dem Ëmbau vun eise Schoulen an Opfangstrukturen ass eise Bléck kloer a Richtung vun der Weiderentwécklung vun eiser Gemeng geriicht. D'Sanéierung an den Neibau vun dëse Gebaier gëtt zanter Joren schonn no strengen ökologesche Critèren ëmgesat.

Et gett keng Alternativ zum Ëmweltschutz. Mat enger ganzer Rei vu Mesuren wëlle mir och an Zukunft aktiven Klimaschutz bedreiwen.

Besonnesche Wert wëlle mir weider op dat gesellschaftlecht Zesummeliewen leeën, d'Ënnerstëtzung vun eise Veräiner läit eis besonnesch um Häerz. Am Beräich vun der Kultur wëlle mir an deenen nächste Joren nei Accenter setzen. Mir wäerten awer och dofir suergen datt Projeten vun erschwénglechem Wunnraum viru gedriwwe ginn.

D'Mateneen tëscht Jonk an Al, tëscht Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger si weider Erausfuerderungen vu muer. Deene Jonken musse mir nei Chancen opzeechnen an eisen eelere Matbierger den néidege Respekt an déi néideg Ënnerstëtzung entgéint bréngen.

Dësen Erausfuerderungen wëlle mir eis stellen. Déi 15 Kandidaten vun der CSV Hesper si prett fir mat vill Häerz an Engagement eis Gemeng weider matzegestalten.

**Léif Matbiergerin!**
**Léiwe Matbierger!**

Äert Vertrauen ass fir eis Optrag an Usporn zugläich. CSV äer Equipe.

# Kultur verbënnt



**Théo Zeimes**
Schäffen

Den Hesper Park huet e multifonktionelle Charakter. Déi eng fuere mam Velo derduerch, Jogger dréien hir Ronnen a ganz vill Leit ginn do spazéieren. De Park ass also zu engem integrativen Treffpunkt vu ville Leit ginn. A fir d'Zesummeliewe vun de Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger weider ze fuerderen a fir nach méi Liewen an de Park eranzebréngen huet d'Asbl Hesper Kulturkrees vum 27. Mee bis den 22. August e Programm mat ënnerschiddlechen Evenementer op d'Bee gestallt ënnert dem Titel „Hesper Kultursummer", woubei d'Akzenter haaptsächlech op Musek, Theater, Konscht an Entspanung luchen.

Um Kiosk am Park, kuerz *KIOPA* genannt, hunn net manner ewéi 11 Manifestatiounen stattfond, wéi ë.a. déi 5. Oplag vum Rock am Park mat sechs lëtzebuergesche Gruppen. E besonneschen Héichpunkt waren d'Concertë vun Abba 99, vum Donovan Aston als Elton John a vum Véronique Gayot mat senger Band. E Concert vun der Big Band Opus 78 an de Kabarä „Best of Jemp Schuster" hunn dee ganze Programm ofgerënnt. Awer och de Veräiner aus eiser Gemeng stung de *KIOPA* zur Verfügung, a verschiddener vun hinnen hunn och dovunner profitéiert.

No deem grousse Succès vun Art & Light am Joer 2008 huet dëst Joer eng zweet Editioun stattfond, allerdéngs ënnert enger anerer Form. 15 Kënschtlerinnen, 10 Lëtzebuerger, 4 Däitscher an eng Belsch, hunn hir Wierker, aus ënnerschiddleche Materialien, am Park ausgestallt an domadde bewisen, dass Konscht net nëmmen a Galerien, mee och am ëffentleche Raum seng Plaz huet. D'Beliichtung vun de Skulpturen an d'Beliichtung vum Gemengenhaus a verschiddene Faarwen hunn de Park an en zauberhafte Liichterglanz verwandelt, wouriwwer d'Leit, déi owes do spazéiert sinn, sech konnten erfreeën.

Et war dëst Joer schon déi drëtte Kéier, dass den Hesper Beachclub seng Dieren opgemat huet. Wie Beachclub seet denkt u Sandplage a Swimmingpool fir d'Kanner an Entspanung fir déi Erwuessen. Kleng a Grouss konnte flott Stonnen do verbréngen.

Och wann d'Wieder net ëmmer matgespillt huet, esou kann ee soen, dass de Kultursummer-Programm vill Leit an den Hesper Park ugezunn huet, sief et fir eng kulturell Promenade, fir en Ofstiecher an de Beachclub oder fir bei de Manifestatiounen um *KIOPA* derbei ze sinn.

D'Veräiner sinn de Garant fir den Zesummenhalt an der Gesellschaft. Dozou suergen och déi kulturell Veräiner. Besonnesch fir hir Manifestatioune wëlle mir hinnen en adäquate Raum schafen. Dofir wäerte mir deene betraffene Veräiner an nächster Zäit en Avant-Projet fir en neit Kulturhaus presentéieren a mat hinnen diskutéieren.

Och Schüler aus der Musekssschoul däerfe sech op en neit Doheem freeën. D'Musekssschoul um Houwald, déi am gaangen ass ökologesche Kritären no sanéiert ze ginn, wäert an deenen nächste Joere fir aner Zwecker gebraucht ginn, esou dass de Bau vun enger neier Museksschoul mat Festsall geplangt ass, an dat an der Annexe vum Bauerenhaff Dennemeyer zu Fenteng.

Kultur verbënnt, Kultur ass kee Luxus mee eng Noutwendegkeet. Mat der Realisatioun vun dësen zwee Projetë wëlle mir eisen Deel dozou beidroen.

# Schoulen, Opfangstrukturen a Jugend



**Triny Spirinelli-Thill**
Conseillère

Als Präsidentin der asbl „Service enfants et jeunes de la commune de Hesperange" ist mir sehr daran gelegen, eine bestmögliche Betreuung unserer Kinder zu gewährleisten. Unter Federführung der CSV wurden die Auffangstrukturen in der Gemeinde Hesperingen in den letzten Jahren konsequent ausgebaut. So öffnete rechtzeitig zum Schulanfang die neue **Maison relais in Itzig** ihre Türen. Hier können über 100 Kinder betreut werden, wobei adäquate Erziehungsmaßnahmen und Infrastrukturen, den Bedürfnissen der Kinder angepasst, gewährleistet sind.

Auf Howald-Couvent werden zur Zeit 35 Kinder im **Foyer Mullebutzen** betreut. Die aktuelle **Musikschule auf Howald** bietet, in einer ersten Phase, ab dem Schulanfang 2012–2013, auf dem ersten Stockwerk zusätzlich Platz für 75 Kinder. Nach dem Umzug der Musikschule wird das Gebäude gänzlich zu einer Maison relais umgebaut. In Zukunft können dann bis zu 200 Kinder in dieser Auffangstruktur betreut werden. Anfang 2012 wird mit der Sanierung und der Vergrößerung des Schulgebäudes in **Alzingen** begonnen, wo zusätzlich zu den Klassensälen eine Kantine sowie eine Auffangstruktur für 70 Kinder vorgesehen sind. In unmittelbarer Nähe der Schule in Alzingen soll in naher Zukunft eine weitere Kinderkrippe (für Kinder von 0-4 Jahren) errichtet werden, so kann der großen Nachfrage nach geeigneten Plätzen Rechnung getragen werden.

Durch die Schaffung von kleineren Strukturen in den verschiedenen Sektionen der Gemeinde wurde unser Konzept von der Dezentralisierung der Betreuungs- sowie der Schulinfrastrukturen, umgesetzt.

**Seit der Eröffnung im Juni 2008, wurde das Jugendhaus in Hesperingen, genannt Jugendtreff,** zu einer nicht mehr wegzudenkenden Institution in der Gemeinde. 7402 Jugendliche haben bis Juli an den verschiedenen Angeboten des Jugendtreffs teilgenommen. Die Jugendlichen aus der Gemeinde wenden sich aber auch an die Verantwortlichen des Treffs, wenn sie Hilfe brauchen in einer schwierigen Lebenssituation (Schule, Beruf, familiäre Probleme, usw). Neu ist seit April das Projekt **„mobile aufsuchende Jugendarbeit"**, mit Streetsports, Projet Cabane oder dem Treffpunkt „Nei Terrainen". Auf diese Weise konnte auf die Bedürfnisse von Jugendlichen, die noch nicht den Weg ins Jugendhaus gefunden hatten, eingegangen werden. Ziel dieses Projektes ist es, die Jugendlichen zu motivieren, Verantwortung zu übernehmen und aktiv am öffentlichen Leben teilzunehmen. Mit dem Projekt **„Betreit Wunnen"** wurde eine zusätzliche Möglichkeit für Jugendliche geschaffen, die sich in einer schwierigen Lebensphase befinden und Unterstützung benötigen. Zusammen mit einem Betreuer wird ein Plan für den Zeitraum bis zu einem Jahr aufgestellt, der dann auch in dieser Zeitspanne umgesetzt werden muss.

---

# Fir eng fortschrëttlech Finanz-, Wirtschafts- a Sozialpolitik an eiser Gemeng



**Diane Adehm**
Conseillère

Wéi ech viru 6 Joer am Gemengerot ugefangen hunn, stoung d'Hesper Gemeng sech finanziell scho gutt mat enger Verscholdung vun 1.604 Euro pro Awunner. Haut steet Hesper do mat enger Schold vun 1.039 Euro pro Awunner., an dat obschonn eis Gemeng an de leschte Jore vill an den Ausbau vun den Infrastrukturen investéiert huet. Zousätzlech huet de Schäfferot et och nach fäerdeg bruecht fir een Emprunt méi fréi wéi virgesinn zeréck ze bezuelen an 3,5 Millounen Euro an d'Reserven ze setzen. Dëst wär nëmme méiglech duerch eng virsiichteg Investitiouns- a Wirtschaftspolitik vun eisem Schäfferot. Engersäits ass nämlech net iwwerdriwwe ginn bei den Investissementer an anerersäits huet d'Hesper Gemeng an de leschte Jore vill Gewerbestéier an Dotatioun vum Staat era kritt.

Déi héich Einnamen aus der Gewerbesteier sinn d'logesch Konsequenz vun der Reorganisatioun vun der Houwalder Zone artisanale et commerciale. Hei huet de Schäfferot konsequent eng Ëmstrukturéierung duerchgezunn a probéiert erëm Betriber unzesidelen déi hir Steieren an der Hesper Gemeng bezuelen. Och an der Fentenger Aktivitéitszon« Op de Leeme » solle weiderhi kleng a mëttelstänneg Firmen en Doheem fannen.

Dës Initiativë stäerken zwar d'Einnamen aus der Gewerbesteier, mä wéi et allerdéngs an Zukunft mat der Gewerbesteier an der Dotatioun vum Staat weider geet, steet nach an de Stären. Dofir ass et wichteg, dass eis Gemeng haut finanziell op gesonde Féiss steet, well an Zukunft kritt si eng Parti Erausfuerderungen ze meeschteren.

Eng grouss Erausfuerderung wärt d'Urbaniséierung vum Ban de Gasperich duerstellen. Hei solle Wunnengen an Aarbechtsplazen entstoen. Dës bréngt zousätzleche Verkéier an eis Gemeng déi scho staark belaascht ass duerch den alldeegleche Beruffsverkéier. Dofir setzt d'Hesper CSV sech a fir de séieren Ausbau vun der Gare um Houwald a fir eng Ëmgehungsstrooss vun eiser Gemeng.

D'Gemeng Hesper wärt an den nächste Jore weider wuessen. Doduercher muss weider an d'Infrastrukture wéi zum Beispill Schoulen an Opfaangstrukturen esouwuel fir d'Kanner an d'Jugendlech, wéi och vir déi Erwuessener mat spezifesche Problemer investéiert gin. Och bestoend Infrastrukture mussen erneiert ginn. Hei sinn an de leschte Jore vill Aarbechte gemeet ginn wéi d'Kanalisatioun deelweis erneieren an et ass och e „Concept énergétique" entwéckelt ginn, fir dass d'Hesper Gemeng ëmwelttechnesch op der Héicht ass.

Op Basis vun hirer gesonder finanzieller Situatioun, huet d'Hesper Gemeng den néidege Spillraum fir all dës Erausfuerderungen unzegoen. Als Member vun der Hesper CSV wärt ech mech weider engagéiere fir eng responsabel Politik am Sënn vun eiser Gemeng an hiren Awunner.



# Fir modern Infrastrukturen



**Jean Theis**
Conseiller

Mit dem raschen Bevölkerungswachstum in unserer Gemeinde, und dies besonders mit der absehbaren Erschliessung von neuem Bauland in Alzingen, nimmt sicherlich auch die Anzahl der Kinder in unmittelbarer Zukunft zu. Darum ist es von großer Wichtigkeit die bestehende Schule in Alzingen demnächst ökologisch zu sanieren und auszubauen, damit der erste Zyklus d.h. die Früherziehung und Vorschule hier unter besten Konditionen untergebracht werden können. Geplant ist ebenfalls eine neue Grundschule in Alzingen sowie der Ausbau der Grundschule in Hesperingen.

Wohnungsbau ist und bleibt auch in Zukunft für uns ein wesentlicher Punkt. Die Gemeinde hat sich mit dem Wohnungsbaupakt verpflichtet neuen Wohnraum zu schaffen. Es ist uns ein besonderes Anliegen, erschwinglichen Wohnraum für Familien mit geringem Einkommen zu schaffen. So sind derzeit, unter der Regie des „Fonds du logement" in Fentingen mehrere Einfamilienhäuser in Planung. Die Gemeinde ist zur Zeit im Besitz von 34 Wohnungen. In Alzingen hat die Gemeinde vor kurzem ein Haus erworben, welches in absehbarer Zeit renoviert und ausgebaut werden soll. Weitere Wohnungen werden in den kommenden Jahren noch hinzu kommen.

Die Gemeinde wird auch in Zukunft weiterhin großen Wert auf ein intaktes Straßen- und Kanalisationsnetz legen. Wir werden dafür sorgen daß alle kommunalen Straßen nach und nach saniert und alle Anschlüße auf den neuesten Stand gebracht werden. Mit dem Bau eines neuen Wasserbehälters in Itzig, sorgen wir auch in Zukunft für die Aufrechterhaltung einer qualitativ hochwertigen Trinkwasserversorgung in unserer Gemeinde. Um Wasserverluste zu vermeiden, wird unser Trinkwassernetz regelmäßig gewartet.

Aus sicherheitstechnischen Gründen wurde in Alzingen entlang der N3 ein Bürgersteig in Richtung der Einkaufszentren gebaut. Die Arbeiten konnten vor kurzem abgeschlossen werden. Der Dorfkern in Hesperingen wird nach Abschluss der Infrastrukturarbeiten an der Brücke in einigen Monaten in neuem Glanz erscheinen.

Mit der Erschließung des Ban de Gasperich wir der Verkehr weiterhin zunehmen. Das stellt die Landespolitik vor grosse verkehrstechnische Herausforderungen. Wir stehen für den konsequenten Ausbau des öffentlichen Transportes. Das allein reicht jedoch nicht. Weitere verkehrliche Infrastrukturen sind von dringender Notwendigkeit. Mit einem eindringlichen Aufruf wenden wir uns an die zuständigen Ministerien, in den kommenden Jahren die Planung einer Ortsumgehung ab den „Alzenger Koppen" in Richtung Düdelinger Autobahn (Liaison N3/A3) voranzutreiben.

Es liegt noch viel Arbeit vor uns. Mit Fleiss und Ausdauer wollen wir die Zukunft unserer Gemeinde weiter mitgestalten.

---

# Natur, Ëmwelt a Klimaschutz



**Robert Leven**
Conseiller

An de leschte Joren goufen eng ganz Rei vu wichtegen Aspekter am Ëmwelt- a Klimaschutz an onser Gemeng ëmgesat:

- **Gemengegebaier** goufe sanéiert an op de leschte Stand bruecht,
- mat der neier **Kläranlag** gëtt d'Uelzecht méi propper,
- ons **Bëscher** goufen op **Nohaltegkeet** getrimmt,
- **d'Biodiversitéit** gëtt op ausgewisenen Terrainen ënnerstëtzt,
- mat **„Bob-d'Lut-aus-Maus"** hunn d'Schoulkanner **Energie gespuert**,
- mam **Energiekonzept** goufen d'Weiche fir de Klimaschutz gestallt,
- **Informatioune** fir d'Matbierger goufe mat der Realisatioun vun der **„Semaine Ecologique"** (Aktioun Drecksak a Foire de l'Energie) an den **Oekonews** ëmgesat,
- mat dem **Nova Naturstroum** ënnerstëtzt d'Gemeng d'Produktioun vun **erneierbarer Energie,**
- **d'Ëmweltteam** vun der Gemeng këmmert sech ëm d'Exekutioun vun de Klimaziler,
- fir d'Qualitéit vun onse **Baachen** gouf eng **Etude** erstallt,
- d'Aféierung vun der neier **„Tonne 60 Liter"** belount, wee manner Dreck mécht,

**„Wien trennt dee spuert",**

Mobilitéitskonzepter, wéi de **Flexibus**, **Nightrider**, de **Veloh'** an **d'Mobilitéitswoch** setzen déi richteg Zeechen fir eng nohalteg Mobilitéit.

Mat genee deemselwechten Engagement wëlle mer an der Zukunft ons Gemeng no vir bréngen. Well ons Generatioun huet net nëmme Rechter, mä och Flichten, an doranner hunn d'Ëmwelt-, d'Naturschutz- an d'Klimapolitik hir fest Plaz fir d'Zukunft:

- **d'Renovatioune** vun der aler Schoul um **Houwald** an zu **Alzeng** reduzéieren weider den Energieverbrauch an den CO$_2$,
- verstäerkt Uewendung vun der **Passivbauweis** fir nei Gebaier,
- verstäerkten Asaz vu regeneréierten Rohstoffer, wéi z.B. Holz,
- systematesch Reduktioun vum **Energiebedarf** vun de **Gemengegebaier** an der **Stroossebeliichtung** (LED-Luuchten),
- Installatioun vu **Solaranlagen** op de Gemengegebaier,
- den Ausbau vum **Fernwärmenetzwerk** an dem **Blockheizkraaftwierk** iwwerpréiwen,
- Verbesserung vum **Quelleschutz** an Opwäertung vun onse **Waasserleef**,
- Ausweise vu weidere **Biodiversitéitszonen** a Reduktioun vun de **Pestiziden**,
- **nohalteg Bewirtschaftung** vun onse Bëscher,
- Zesummenaarbecht an engem regionalen **Naturschutzsyndikat**,
- als **Fair-Trade** Gemeng ënnerstëtze mer weider regional a fair gehandelt Produiten,
- Verbesserung vun villfälteger **Mobilitéit**, virun allem den ëffentlechen Transport,
- Asaz vun der **Elektromobilitéit** am Gemengefuhrpark,
- **D'Waasserversuergung** ass e Recht vun all Bierger an d'Construction vum neie Baseng zu Izeg ass net nëmmen néideg, mä eng Verflichtung!
- Eng weider Reduktioun vum **Hausoffall** nom Prinzip: vermeiden – trennen – spueren an Aféierung vun der **Valorlux-Tut**,
- Gréngschnëtt an organesch Offäll sollen an Zukunft an der neier Biogasanlag zu Biogas verschafft ginn,
- nei **Wunngebitter** sollen op hir **Nohaltegkeet** iwwerpréift ginn,
- d'Bierger duerch gezielt **Informatiounscampagnen** fir den Ëmweltschutz motivéieren.

Mir ënnerstëtzen dat, well et dat bréngt wou et drop ukënnt: d'Verbesserung vun der Liewensqualitéit fir ons all. An esou schléisst sech de Krees vum Engagement an der Politik an Zesummenhang mat de Kompetenzen fir Iech all. Mat kloerem Bléck no vir!

## Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Vous pouvez consultez le texte français de l'édition «Op de Punkt» octobre 2011 ainsi que notre programme électorale et les clips vidéo sur notre site hesper.csv.lu

Soutenez dimanche 9 octobre 2011 le CSV et ses candidates et candidats par votre vote déterminé et massif.

Votre confiance est notre mission et notre motivation en même temps.

**CSV, votre équipe liste 2**

